“Old meets new” – Eng nei Etapp vun der CNEL fänkt un!

D'lëscht Woch huet sech den eemolege Büro Exekutiv mam neie Virstand, deen den 28.November gewielt gouf, getraff fir eng "passation de pouvoir"! Béid Equippen hunn sech iwwer d'Aktivitéit an d'Aarbecht an der CNEL ausgetosch, fir datt esou dee neie Büro bescht méiglech op seng nei Missioune preparéiert gëtt!

Déi nei Equipp besteet aus:
- dem President Leners Kimon aus dem LAM
- de Vize-Presidentinne Simon Kelly aus dem ALR a Wivenes Marie aus dem LRSL
- dem Generalsekretär Tosseng Alex aus dem LCD
- dem beiguerdnete Sekretär Meintz Pit aus dem LMRL

Dee neie Büro Exekutiv ass soumat virun allem fir d’Organisatioun vun der Nationaler Schülerkonferenz an deene nächste 2 Joer responsabel.

De Virstand vum Schouljoer 2016-17 ass bis op de Kimon Leners, deen elo Presidence vun der CNEL assuréiert, kollektiv net méi ugetruede fir Plaz ze maachen a fir ee Renouveau ze suergen. Si hunn gréisst Vertrauen, dat duerch déi jonk an dynamesch Equippen, d’CNEL och an Zukunft mat Erfolleg, am Interessi vun de Schüler, rechne kann !

Kontakt : Tania Matias Coordinatrice vun der CNEL
Mail : cnel@cgjl.lu ou Tel : 40 60 90 333

Note :D’National Schülerkonferenz / Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg (CNEL) ass dat representatiivt Organ vun all de Schüler aus de Lëtzebuerger Lycéeën an huet als Haaptaufgab am Interessi vun de Schüler ze schaffen! D’CNEL ass de Spriecher vun de Schüler vis-a-vis vum Educatiounsministère an all aner Schoulpartner (Bsp: Proffegewerkschaft, d’Elterevereenegung...asw). D’CNEL besteet aus engem Effectif an engem Suppleant aus de Schülercomitéë vun 41 Lycéeën, an vertrëtt esou déi 40 000 Schüler aus dem Land.